PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/08/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun, Bannenzeg Sécherheet & Justiz weiderzeleeden.

Wéi d'Lëtzebuerger Wort den 19ten August mellt, ass Google am gaangen d'Biller fir hir Google Street View z'aktualiséieren. Esou wäerten dann erëm d'Autoen mat Kameraen duerch all eis Stroossen ënnerwee sinn. Dat féiert dann dozou, dass d'Facaden, d'Hausnummeren vun den Häiser grad ewéi Mënschen gefilmt wäerte ginn. Eréicht nodeems d'Biller vu Google publizéiert ginn, kann een dann ufroen, fir dass engem säin Terrain, Haus oder ee selwer onkenntlech gemaach ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi stinn d'Ministeren vun enger Verschärfung vum Dateschutz-Gesetz dohingehend, dass den Opt-out virum Filmen a Veröffentlechen vun de Biller soll geschéien?

2. Wat réit de Minister de Biergerinnen a Bierger, fir hir Privatsphär an dësem Fall ze schützen?

3. Ass et an der Vergaangenheet virkomm, dass d'Biller vun den TechGigante hei am Land genotzt goufen, fir Verbriechen ze begoen? Zum Beispill am Fall vun engem Abroch, Déifstaal oder Sonstegem?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député